# Kiermesweekend zu Beefort



## 27. – 29. September 2019

Commission Consultative Communale d'Intégration Beaufort

S.I.T. Beaufort Dillingen - Grundhof

CENTRE for ECOLOGICAL LEARNING LUXEMBOURG the transition hub

**Veräiner vu Beefort**

D’lescht Joer huet déi berodend Kommissioun vun der Integratioun vun der Gemeng Beefort mat der Organisatioun vum Hämmelsmarsch eng al Traditioun erëm opliewe gelooss. De grousse Succès an déi vill positiv Réckmeldungen hunn de Wee vun enger zweeter Editioun vum Hämmelsmarsch fräigemeet. Nieft dem traditionelle Kiermesmaart vum Syndicat d’initiative et de tourisme an dem Kannerfloumaart vun der Elterevereenegung um Sonndeg kommen dës Kéier nach e puer Manifestatiounen dobäi an esou gëtt et zu Beefort een interessante Programm iwwert de ganze Kiermesweekend.

Virum Hämmelsmarsch e Freidegowend gëtt ëm 15 Auer a Präsenz vun de Schoulkanner déi nei Spillplaz bei der Schoul ageweit. Déi al Spillgeräter hu missten ersat gi well se déi heiteg Sécherheetsnormen nët méi erfëllen. Den Dag drop stinn e Samschdeg gläich dräi Manifestatiounen um Programm: de Vernissage vun enger Ausstellung, de Floumaart vun der Amicale Beefort an eng Porte ouverte am Generatiounsgaart nieft der Kierch. De Kiermessonndeg gëtt ofgeschloss mat der Ausstellung, dem Floumaart, dem Kannerfloumaart an dem Kiermesmaart.

Weider Informatioune zu den eenzelne Manifestatioune stinn op den nächste Säiten an de komplette Programm als Zesummefaassung op der leschter Säit.

***

*L’année dernière en septembre la commission consultative communale d’intégration de la commune de Beaufort a fait revivre une vieille tradition de Beaufort en organisant un « Hämmelsmarsch » pour l’ouverture de la kermesse. Le grand succès et le retour très positif ont poussé les membres de la commission à organiser une deuxième édition du « Hämmelsmarsch ». A côté du marché de la kermesse du Syndicat d’initiative et de tourisme et le marché aux puces pour enfants par l’association des parents d‘élèves le dimanche des autres manifestations complèteront le weekend.*

*Avant le « Hämmelsmarsch » la nouvelle aire de jeux devant l’école fondamentale sera inaugurée à 15 heures en présence des élèves. Les anciens jeux ont été remplacées car ils ne répondaient plus les standards de sécurité d’aujourd’hui. Le samedi se présente avec trois manifestations : le vernissage d‘une exposition, un marché aux puces de l’Amicale Beaufort et une Porte ouverte dans le jardin des générations à côté de l’église. Le dimanche sera clôturé par l’exposition, le marché aux puces, le marché de kermesse ainsi que le marché aux puces pour enfants.*

*Des amples informations sur les différentes manifestations se trouvent sur les pages suivantes ainsi qu’une récapitulation sur la dernière page.*

# Freideg, de 27. September

15.00: Aweiung vun der neier Spillplaz bei der Schoul

*Inauguration de la nouvelle aire des jeux près de l'école fondamentale*

19.00: Hämmelsmarsch an Ouverture vun der Kiermes (Kiosk)
mat Kiermesham, Kiermeskuch, Kiermesdrëpp, Animatioun a Musek mam Romain Thielen

*« Hämmelsmarsch » et ouverture de la kermesse (kiosque)
avec jambon de kermesse, gâteau de kermesse, « Kiermesdrëpp », animation et musique avec Romain Thielen*









# Samschdeg, den 28. September

## Porte ouverte am Generatiounsgaart

De Generatiounsgaart Beefort (direkt nieft der Kierch) ass en nohaltegen a naturnoe pädagogesche Gaart fir Mënsche vun all Alter an Ethnie vun an ausserhalb der Gemeng Beefort. Dëse Gaart berout um Konzept vun der Permakultur an déngt de Schoulklassen aus der Gemeng Beefort esou wéi all anere Gruppe vu jonken an ale Mënschen als oppent Klassenzëmmer, Léier- an Erhuelungsuert.

De Generatiounsgaart ass e partizipative Projet wou jiddereen eng Hand mat upake kann a wou d'Schoulklasse matdecidéieren a matschaffe kënnen. D'Konzept vun der Permakultur erméiglecht et dobäi an enger nohalteger Approche dat natierlecht Gläichgewiicht vun der Natur ze observéieren, ze erfuerschen an erëm hierzestellen. Am Respekt mat eisen natierleche Ressourcen schaffe mir hei aktiv fir den Natur- an Ëmweltschutz. Mee net nëmme gëtt hei geléiert wéi ee Geméis ubaut, och spillt d'Verschaffen dovun eng grouss Roll! Nieft dem Produktiounsdeel am Gaart gëtt et och e Gemeinschaftsdeel mat enger Feierplaz, engem Chalet an engem Lehmuewen (a Constructioun) wou mir zesumme kachen a baken. Iwwert d'Joer ginn dobäi verschidden ëffentlech Ateliere zum Thema Permakultur a Feierkichen fir Grouss a Kleng ugebuede fir déi ee sech kann umellen.

Jiddereen ass fir den 28. September op d'Porte ouverte agelueden. Hei léiert een de Generatiounsgaart a säi Permakulturkonzept kennen, entdeckt wat d'Schoulklasse säit Mäerz geplanzt a gebaut hunn, a schmaacht wat an dësem klengen Paradäis wiisst. Vun 14 bis 16 Auer kann een a verschiddenen Atelieren deelhuelen: Wäschmëttel/Deo selwer maachen, Kraidersalz/Botter selwer maachen a Kreativatelier mat Naturmaterialien. Um 16 Auer ass déi offiziell Aweiung mam Buergermeeschter Camille Hoffmann an vu 17 Auer un eng Schnippeldisco mat Geméis aus dem Gaart an uschléissender Feierkichen. Giess gëtt duerno wat gekacht gouf. Jidderee kann och säin Instrument matbrénge fir eng Jam Session beim Feier ze maachen.

***

*Le « Generatiounsgaart Beefort » est un jardin naturel et écologique à vocation pédagogique, impliquant toute personne n'importe son âge ou ethnie issus ou au dehors de la commune de Beaufort. Ce jardin fonctionne selon les éthiques et principes de la permaculture et sers comme salle de classe ouverte et lieu de recréation aux classes scolaires et toute autre groupe ou personne privée. Le jardin se trouve juste à côté de l'église.*

*Le « Generatiounsgaart Beefort » est un projet participatif pour tout le monde et dont les classes scolaires peuvent prendre leurs propres décisions. Le concept de la permaculture nous permet d'observer et de découvrir les cycles de la nature afin de recons-*

truire son équilibre naturel dans une approche durable et écologique. Dans le respect de nos ressources naturelles on travaille activement pour la protection de la nature et de l'environnement. Le jardin ne nous apprend non seulement comment cultiver nos légumes, mais la transformation de ces derniers joue aussi un rôle important dans l'approche. À côté de l'espace de production il y a également un espace communautaire avec une place à feu ouvert, un chalet et un four en argile (en construction) qui se prêtent pour la cuisine et la cuisson. À travers l'année, des ateliers divers en permaculture et de cuisine à feu ouvert seront organisés pour lesquels on peut s'inscrire.

Pour le 28 septembre chacun est invité à une porte ouverte au jardin où on peut découvrir le « Generatiounsgaart Beefort » et son concept de permaculture, découvrir ce que les enfants ont planté et construit depuis mars et déguster ce qui pousse dans ce petit paradis.

Entre 14 et 16 heures on peut participer à divers ateliers: faire son propre lessive/ déodorant, faire du sel/beurre aux herbes ainsi qu'un atelier créatif avec du matériel naturel. A 16 heures aura lieu l'inauguration officielle par le bourgmestre Camille Hoffmann. À partir de 17 heures on prépare des légumes du jardin pour cuisiner ensemble sur feu ouvert et ensuite on mange ce qu'on a cuisiné. Chacun est invité à amener aussi un instrument pour une jam session autour du feu.










# <u>Samschdeg, den 28. September</u>

14.00 – 18.00: Ausstellung an der Schoul
14.00: Vernissage

*Exposition dans l'école fondamentale*
*14.00: Vernissage*

14.00 – 18.00: Floumaart vun der Amicale Beefort (Kiosk)

*Marché aux puces de l'Amicale Beaufort (kiosque)*

14.00 – 19.00: Porte ouverte am Generatiounsgaart nieft der Kierch

*Porte ouverte au jardin des générations près de l'église*

Während zwee Deeg stelle Kënschtler a Fotografen aus Beefort hir Wierker an der Schoul aus. De Vernissage ass e Samschdeg um 14 Auer an dee gëtt mat engem Éierewäin ofgeschloss.

*Pendant deux jours des artistes et photographes de Beaufort exposent leurs œuvres dans le préau de l'école fondamentale. Le vernissage se tiendra à 14 heures et sera clôturé avec un vin d'honneur.*

Samsdes a sonndes gëtt beim Kiosk de Stock vu Floumaartartikele vun der Amicale Beefort opgeléist. Dobäi bezillt jidderee wat hie wëll an den Erléis ass fir ee gudden Zweck.

*Le samedi et le dimanche le stock restants des articles de marché aux puces de l'Amicale Beaufort sera liquidé. Chacun paye ce qu'il veut et les recettes sont pour une bonne cause.*



# Sonndeg, den 29. September

11.00 – 18.00: Ausstellung an der Schoul

*Exposition dans l‘école fondamentale*

11.00 – 18.00: Kiermesmaart vum Syndicat d‘initiative et de tourisme zesumme mat den Duerfveräiner (Kiosk)

Floumaart vun der Amicale Beefort (Kiosk)

*Marché de kermesse du syndicat d‘initiative et de tourisme ensmble avec des associations locales (kiosque)*

*Marché aux puces de l‘Amicale Beaufort (kiosque)*

13.00 – 17.00: Kannerfloumaart vun der Elterevereenegung (Kiosk)

*Marché aux puces pour enfants de l‘association des parents d‘élèves*



# Programm

## Freideg, de 27. September

15.00: Aweiung vun der neier Spillplaz bei der Schoul

19.00: Hämmelsmarsch an Ouverture vun der Kiermes (Kiosk)
mat Kiermesham, Kiermeskuch, Kiermesdrëpp, Animatioun a Musek mam Romain Thielen

## Samschdeg, den 28. September

14.00: Vernissage vun der Ausstellung an der Schoul

14.00 – 18.00: Floumaart vun der Amicale Beefort (Kiosk)

14.00 – 19.00: Porte ouverte am Generatiounsgaart (nieft der Kierch)
14.00 – 16.00: Ateliere fir Grouss a Kleng
- Wäschmëttel/Deo selwer maachen
- Kraidersalz/Botter selwer maachen
- Kreativatelier mat Naturmateralien

16.00: offiziell Aweiung
17.00: Schnippeldisco mat Geméis aus dem Gaart an uschléissender Feierkichen. Zesumme gëtt dann d'Geméiszopp giess. Jidderee ka säin Instrument matbrengen a sech un enger Jam Session bedeelegen

## Sonndeg, den 29. September

11.00 – 18.00: Ausstellung an der Schoul

Kiermesmaart mat Animatioun vum Syndicat d'initiative et de tourisme mat den Duerfveräiner (Kiosk)

Floumaart vun der Amicale Beefort (Kiosk)

13.00 – 17.00: Kannerfloumaart vun der Elterevereenegung (Kiosk)